BIGS

# Infoblat N°5/2020

Oktober

Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl www.bigslu.net bigs@pt.lu CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000

## D'Biergerinitiativ weider aktiv géint de Bau vum Contournement vu Käerjeng !

### Et geet ëm d'Glafwierdegkeet vun eisen demokrateschen Institutiounen – ëm de Rechtsstaat!

An hierem Bréif vum 12. Oktober huet d'BIGS de President vun der Chambre des Députées-s, den honoraablen Här Fernand Etgen ugeschriwwen an eng Entrevue ugefrot. D'BIGS, de Mouvement écologique Régionale Sud an natur&ëmwelt Gemeng Suessem haten nogewisen, dass 2018, beim Vott vum Gesetz zum Contournement falsch NOx-Wäerter genannt goufen fir esou de Vott vum Contournement vu Käerjeng duerch d'Natura-2000-Zone ze beaflossen (Pressekonferenz vum 24.06.2020). D'BIGS mengt dozou, dass esouwuel verschidden Deputéierten wéi och e Minister géint den «Code de déontologie» verstouss hunn.

Laut dem « Code de conduite des députés » verpflichten sech d'Deputéierten, « ouni Eegenotz, intéger, transparent, äifreg, éierlech a responsabel» d'Reputatioun vun der Chamber ze vertrieden resp. ze verdeedegen.

Am «Code de Déontologie pour les membres du Gouvernement» gëtt vun de Ministeren verlaangt, dass hier Informatiounen prezis musse sinn an der Wourecht entsprieche mussen, an dass, bei engem eventuelle Flüchtigkeetsfehler, deen bei der éischtbeschter Geleeënheet muss corrigéiert ginn.

Eng Kopie vum Bréif un de Chamberpresident an de Pressecommuniqué fannt der op eisem site: *www.bigslu.net*

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**SPENDEAKTIOUN / COLLECTE DE FONDS**

**Ziel: 12.000 € - 8.000 = 4.000 €**

Collecte de fonds pour financer le RECOURS CONTRE le Contournement

POUR la préservation de la Zone NATURA 2000

**CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000**



**Samschdeg, den 24. Oktober 2020**

**Pilzwanderung mam Fernand Schiltz OFGESOT!**

**Déi nei Recommandatiounen an Covid-Zuelen hunn eis zur Conclusioun bruet, dach kee Risiko, esou kléng en och ass, anzegoen. Bleiwt gesond an interesséiert!**

**Mir respektéieren déi sanitär Bestëmmungen vu COVID-19 !**

GEMENG SUESSEM

#fir de besch

### APPELL un de Schäffen- a Gemengerot vu Suessem, de MORATOIRE vum Contournement Käerjeng ze ënnerstetzen.


Den 22. September hunn déi dräi Organisatiounen **BIGS**, M**ouvement Écologique Régionale Sud** an **natur&ëmwelt Gemeng Suessem** en Appell un eis Gemengeresponsabel lancéiert, sech hierer Fuerderung zu engem MORATOIRE vum CONTOURNEMENT vu Käerjeng unzeschléissen.

Am Dossier CONTOURNEMENT ass BEWEGUNG wëll endlech déi vun der Gemeng an vun onsen Organisatiounen gefuerdert verkéiersersberouegend Mossnahmen am gaangen ëmgesat ze ginn. Dat sinn déi verkéiersberouegend Fuerderungen aus der «Null-Variant».

Déi alarmant Daten vum «Observatoire de l'Environnement Naturel» wat d'Bedrohung vun der Aartenvielfalt ugeet, sinn eng Ursaach méi fir sech den 3 Organisatiounen unzeschléissen an de Bau vum Contournement ze verhënneren an eis NATURA-2000-ZONE zesummen ze verdeedegen.

*www.bigslu.net*

**Am Kader vun der COMMODO-INCOMMODO-Prozedur zum P&R op der Gare Suessem/Käerjeng huet d'BIGS e Bréif mat Froen un de Buergermeeschter vun der Gemeng Käerjeng adresséiert.**





*www.bigslu.net*

**KRONOSPAN**: Wou si mer drunn? S.2

# KRONOSPAN: Weider Kaméidi- a Loftbelaaschtungen!

**D'Plainten géint KRONOSPAN heefen sech an et dauert wuel nach bis d'nächst Joer bis d'Situatioun sech wierklech verbessere wäert.**

**Hei ënnendrënner INFOs aus der Gemengerotssitzung vum 25. September 2020.**



### • Gerochsbelästegung

D'Ëmweltverwaltung huet eng Impaktstudie an Optrag ginn déi Enn 2020 soll ofgeschloss sinn. Warscheinlech mussen d'Kamäiner an der Héicht ugepasst ginn.

### • Kaméidi

Eng Etüd vum Kaméidi (Juli 2020) huet erginn, dass d'Wäerter am Dag ok sinn, Nuets awer iwwerschratt ginn. Dat heescht, dass déi Anlagen, déi bausse léien, missten ofgedeckt ginn (Schallschutz).



### • Stepps

Déi 2. Cogeneratiounsanlag déi tëschent 2018 an 2020 bäigebaut ginn ass, an zur neier OSB-ligne gehéiert, brauch méi eng grouss Fläch fir de Stockage.

KRONOSPAN huet versprach:

- vun August 2020 un mat Waasserdamp ze netzen;
- Sonden z'installéieren fir ze moossen;
- zousätzlech Strukturen en place ze setzen fir de Stockage z'assuréieren;
- e Plang, fir eng Reduzéierung vum Stepps, opzestellen.



### • Verschmotzung vun der Chiers

Nom Brand vun 2019 sinn weider 3 Fäll vu Verschmotzung vun der Chiers ze verzeechnen: Abrëll 2020, Mee 2020 (Verschmotzung mat Kuelewaasserstoff), Juni 2020.

KRONOSPAN muss:

- e Becken, dat Oflagerungen zréckhält, bauen;
- e System en place ze setzen deen d'Reewaasser traitéiert;
- de Site a Konformitéit mat den euro-päeschen Bestëmmungen (EP, EUs, EUp) bréngen.



### • Verkéierschaos beim rond point

Eng Mobilitéitsstudie leeft. Zil ass et, den Transport souwuel vun der Matière Première wéi vum Endprodukt op d'Schinnen ze verlageren.

# WAT LEEFT DEMNÄCHST SAMSCHDES BEI DER BIGS ?

~~2020~~
~~24. OKTOBER~~
~~Pilzwanderung~~
~~R-V: 10:00~~
~~Gare Sanem/Bascharage~~

2020
14. NOVEMBER
Dag vum Bam
R-V: 10:00
Gare Sanem/Bascharage

2020
5. DEZEMBER
Wantermoart
Suessem
Entente des sociétés

## SAVE THE DATE
**Generalversammlung 2021**
**Mëttwochs 03.03.2020**
19:00 Boulodrome Metzerlach

#fir de besch

Alles war prett fir eist Zeltlager, ma am läschte Moment hu mer dunn awer Corona-bedéngt et op d'Fréijoer 2021 verluet. De Programm* wäert méi oder wéineger dee selwechte bleiwen. De geneeën Datum a Programm deele mer Iech geschwënn mat. Mir gesinn eis!

### BËSCHWANDERUNG / VISITE GUIDÉE FÔRET
BOBËSCH - ZAEMERBËSCH - GROUSSEBËSCH / NATURA-2000-ZONE

De MËNSCH an d'NATUR: Tréppeltour an Iwwerleeungen zu Klimawandel an Verloscht vun der Biodiversitéit.
L'HOMME et la NATURE : randonnée pédestre et réflexions sur le changement climatique et le maintien de la biodiversité.

### FILMOWEND - SOIRÉE CINÉMA
**Hambi, der Hambacher Forst wehrt sich !**
Der Hambacher Wald wurde zum Symbol des Klimawandels und des Widerstandes.

ZDF-Dokumentarfilm

Act BEFORE it's too late!



DO IT YOURSELF
BEE HOUSE
SEEDBOMBS
BUTTONS
*au camp am Zellager*

MAKE LOVE NOT WAR



VELOSTOUR mam LE GUIDON BIELES

### KONFERENZEN
**am groussen Zelt**
Klimawandel - Klimakrise - Krise
Pisten an Weeër

YOUTH FOR CLIMATE Luxembourg

BOTZAKTIOUN / CLEAN-UP

PICKITUP LUXEMBOURG

### IESSEN & DRÉNKEN
**all Daag am groussen Zelt**

MUERES: petit déjeuner FAIRTRADE

METTEG- & OWESIESSEN / DEJEUNER & DÎNER
Veggies & Snacks & Grill

Foodsharing Luxembourg

* PROGRAMME ZELTLAGER 2020